VIRLIESCONCOURS 2020

Gerechtegkeet

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Copyright : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Rédaction : Anne-Marie Antony, Anne Biesdorf, Eugenie Graff-Schaus
SCRIPT
edupôle Walferdange, BP 98, L-7201 Bereldange

Tél. : 247-85184
Illustration : Marina Herber
Photos : Jeff Kieffer, SCRIPT-DPAV
Internet : **http://www.script.lu**

Virwuert

Gerechtegkeet

Viru gutt 70 Joer, no de Schrecke vum 2. Weltkrich, goufen d'Mënscherechter definéiert. 40 Joer méi spéit sinn dunn d'Kannerrechter beschriwwe ginn. Doriwwer goufen eis fundamental Rechter, déi fir all Mënsch gëlle sollen (z. B. Bildung, Famill, Doheem, fräi Meenungsäusserung ...) festgesat. All dës Rechter sollen e Garant dofir sinn, datt et méi Gerechtegkeet an e bessert Mateneen an eiser Gesellschaft ginn an datt all Eenzelnen eng fair Chance am Liewen huet.

Wat bedeit awer *gerecht* fir jidderee vun eis? A wat ass *ongerecht*?

Wat heescht dat am Ëmgang ënnereneen am deegleche Liewen – tëscht de Kanner, an der Famill, mat oder tëscht Erwuessener, an der Gesellschaft allgemeng?

Wat bedeit dat an de soziale Medien, wou mir vill "liken", mee wou et awer och Cybermobbing gëtt?

Wéi ass et mat der Fairness am Sport?

Wat si Momenter an der Geschicht, wou et ganz ongerecht op der Welt zougaang ass? Wien huet deen Ablack besonnesch ënner Ongerechtegkeete gelidden?

Wéi gerecht ass eis Welt haut?

Mir schwätze grad vill vun engem méi gerechten Ëmgang mat eiser Natur, eisen Déieren an eisem Planéit am Allgemengen.

Mir erliewen och, datt vill Leit hiert Heemechtsland verloossen, well si sech doheem keng fair Chancen erwaarden, sief et wéinst Aarmut, Krich, dem Klima oder well si verfollegt ginn.

Wéi eng Zukunft wëlle mir?

Wie suergt duerfir, datt et an eiser Zukunft nach gerecht zougeet? Ass eng gerecht Zukunft iwwerhaapt nach méiglech, wann haut schonn d'Ressourcen ongerecht verdeelt sinn?

Zu allen Zäite sinn et Leit ginn, déi sech ganz engagéiert fir méi Gerechtegkeet agesat hunn. Dat gëllt fir de Kampf géint de Rassismus, d'Recht op en eegent Land, en Engagement fir eng breet gesellschaftlech Matbestëmmung a fir en demokratescht Mateneen, den Asaz fir d' Natur asw..

Beim Virliesconcours kënnen d' Kanner Extraite presentéieren, déi Beispiller weisen, wou et e gerecht Matenee gëtt oder ee sech fir méi Gerechtegkeet asetzt, awer och Situatiounen, déi eng Ongerechtegkeet oder eng dystopesch Gesellschaft beschreiwen.

D'Thema Gerechtegkeet fënnt sech a ville Kannerbicher, Klassiker wéi aktuelle Wierker. Eng Rei Bicher derzou si bestëmmt an de Schoulbibliothéiken ze fannen.

Et kann erëm an den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Lëtzebuergesch oder Franséisch.

D'Finale ass dëst Joer mëttwochs, den 1. Juli 2020 zu Miersch am Kulturhaus.

Dem Virlies-Concours 2020 wënschen ech e grousse Succès an all deenen, déi matmaachen, vill Spaass.

En häerzleche Merci och jidderengem, deen op déi eng oder aner Manéier beim Concours hëlleft.

Luc Weis
Direkter vum SCRIPT

FINALE 2019

Wat gëtt gelies?

Et kënne verschidde Facettë vum Thema beliicht ginn : den Extrait kann eng Situatioun beschreiwen, an där et e gerecht Matenee gëtt, sief et an engem klenge Grupp oder och an der ganzer Gesellschaft. E kann awer och eng Situatioun beschreiwen déi eng Ongerechtegkeet weist oder wou een aktiv géint eng Ongerechtegkeet virgeet.

Beim Virliesconcours kann an enger vun den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch. Fir déi 3 Sproochen zesummen gëtt et 1 Gewënner, net 1 Gewënner pro Sprooch. Dëst gëllt vum Niveau Klass un an och duerno bei den aneren Etappen.

Zougelooss sinn nëmme Kanner- a Jugendbicher, awer kee Billerbuch, keng BD a keng Graphic Novel. Och net erlaabt si Gedichter an Theaterstécker, E-Books, Zäitschrëften, Fotokopien an Extraitën aus Schoulbicher.

D'Kanner siche sech e Buch eraus a wielen, mat der Ënnerstëtzung vun den Enseignanten an de Schoulbibliothécairen, e passenden Extrait. Zesumme solle si kucken, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht, a si sichen eng Plaz am Text eraus, déi dem Thema gerecht gëtt a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

D'Lieszäit ass maximal 3 Minutten. Weider hannen an der Broschür sti Kritären, déi et erlaben, d'Liesen ze bewäerten.

Bei der Halleffinale a bei der Finale kënnt zousätzlech en onbekannten Text derbäi. Weider Detailer fannt Dir beim Oflaf vum Concours.

Wéi leeft de Concours of ?

1. Etapp: An der Klass

An de Klasse vum Cycle 4 ginn déi bescht Virlieser a Virlieserinnen ermëttelt. Dobäi soll **all Kand aus der Klass** kënne **matmaachen**. D'Kanner sichen d'Sprooch eraus, an där si virliesen.

Dës Sprooch hale si bei allen Etappe bäi. Et gëtt **fir déi 3 Sproochen zesummen 1 Gewënner**, also net 1 Gewënner pro Sprooch. Dëst gëllt vum Niveau Klass un an och duerno bei den aneren Etappen.

2. Etapp: Am Schoulgebäi

Ënnert de Klassebeschte gëtt an der zweeter Etapp de beschte Virlieser/déi bescht Virlieserin aus dem ganze Schoulgebai ermëttelt.

Et ass de Schoulbibliothecairen an den Enseignanten iwwerlooss, wéi si de Concours innerhalb vun hirer Klass/ hirem Gebai wëllen organiséieren.

D'Schoulbibliothecairë mellen dat Kand, dat an hirem Gebai gewonnen huet, mat dem **Onlineformulaire** beim SCRIPT un.

Aus **all Schoul**, egal wéi grouss se ass, gëtt nëmmen **1 Gewënner** ugeholl. Wann dat gewënscht ass, kann een Ersatz genannt ginn, falls de Gewënner verhënnert wier.

De Formulaire ass online ze fannen ënnert der Adress:
https://cgie.formstack.com/forms/virliesconcours2020

Sollt e Problem mam Formulaire sinn, da kënnen d'Umeldungen **och per Mail** mat allen Informatiounen, déi um Formulaire gefrot sinn, un **anne-marie.antony@men.lu** an **anne.biesdorf@men.lu** gemailt ginn.

De **Schoulgewënner** muss bis spéitstens den **31. Mäerz 2020** gemellt sinn. Hien hëlt un der Halleffinale deel. Aus **all Schoul**, och wann se aus e puer Gebaier besteet, gëtt nëmmen **1 Gewënner** ugeholl.

3. Etapp: Halleffinallen an der Regioun

D'Regionaldirektiounen nennen dem SCRIPT bis spéitstens Ufank 2020 ee vun de Schoulbibliothecairen aus der Regioun als Kontaktpersoun.

Des Kontaktpersoun organiséiert dann, zesumme mat de Schoulbibliothecairen aus der Regioun, déi regional Halleffinallen, déi bis spéitstens Ufank Juni 2020 stattfanne sollen.

D'Kontaktpersoun kritt dofir all néideg Informatioune vum SCRIPT zougeschéckt :

- *De Relevé vun de Gewënner aus de Schoule mat allen Detailer*
- *E Modell fir d'Invitatioun vun den Halleffinalisten*
- *E Modell fir d'Bewäertung vun de Virlieser*
- *D'Präisbicher fir d'Halleffinalisten*
- *D'Bicher als Merci fir d'Jurysmembere vun den Halleffinallen*

Spéitstens bei dëser Etapp kënnt, zousätzlech zum Text, deen d'Kanner sech erausgesicht hunn, en onbekannten Text an d'Spill. D'Leit, déi d'Halleffinallen organiséieren, mussen also och en onbekannten Text an den dräi Sproochen eraussichen. Dësen Iwwerraschungstext liesen d'Kanner an dërselwechter Sprooch wéi hire bekannten Text.

Hei kann eventuell geplangt ginn, **datt d'Kanner den Iwwerraschungstext awer kuerz** virum Virliesen emol **duerfe liesen**.

Et kann, wann dat gewollt ass, och bei der Schoulfinale schonn en onbekannten Text agesat ginn.

Lieszäit :

- ***Bekannten Text : 3 Minutten***
- ***Onbekannten Text : 2 Minutten***

Fir datt d'Finale vum SCRIPT kann organiséiert ginn, mellt d'Kontaktpersoun aus all Regioun per Mail dem SCRIPT :

- ***D'Detailer zur Halleffinale – w.e.g. esou fréi wéi méiglech****, gär och scho bis den:*
  31. Märerz 2020
  - ➢ *den Datum an d'Plaz*
  - ➢ *d'Unzuel vun de Jurysmemberen : do ass et unzeroden, eng ongerued Zuel vu Leit ze bestëmmen*
  - ➢ *d'Adress fir de Bicherenvoi (e Kaddosbuch vum SCRIPT fir all Kand a fir all Jurysmember)*
- *De* ***Gewënner vun der Halleffinale****, mat allen Detailer zum Buch aus deem gelies ginn ass, bis spéitstens den* ***29. Mee 2020****. Hien hëlt un der Finale zu Miersch deel.*

4. Etapp: D'Finale zu Miersch

- D'Finale ass dëst Joer e Mëttwoch, den ***1. Juli 2020*** nees am Kulturhaus zu Miersch.
- Si ass moies, fir datt d'Klassekomerode kënnen hir(e) Finalist(in) op der Plaz ënnerstëtzen.

De SCRIPT invitéiert d'Finalisten direkt.

D'Finaliste musse sech selwer beim SCRIPT umellen.

Mir schécken dem Enseignant vum Kand d'Invitatioun en copie. All Kand liest an der Finale säi bekannten an och en onbekannten Text.

Dësen Iwwerraschungstext, **deen net virdru kann ugekuckt ginn**, ass an därselwechter Sprooch wéi den Text, deen d'Kand als bekannten Text virgedroen huet.

D'Kand kann, wann hatt dat wëllt, och en neie bekannten Text fir d'Finale eraussichen an en do virliesen. Dat muss hatt dann awer dem SCRIPT am Virfeld bäi senger Umeldung matdeelen.

Den Timing vum Virliese gëtt ganz strikt agehalen:

- ***3 Minutte fir de bekannten Text***
- ***2 Minutte fir den onbekannten Text***

D'Finale vum 1. Juli 2020 gëtt vun engem kulturelle Programm encadréiert.

D'Kanner kënne gäre Famill, Frënn a Klassekomerode mat op d'Finale bréngen. Wann dat méi wéi 10 Persoune sinn, da soll d'Kand oder säin Enseignant w.e.g. am Virfeld dem SCRIPT Bescheed soen.

De Jury

Op deenen zwee éischten Niveaue kënne Léierpersounen, Bibliothecairen a Kanner am Jury sinn, um drëtte Niveau kënne Membere vun der Regionaldirektioun derbäikommen.

An der Finale sinn et Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu: Schoul, Librairie, Bibliothéik, Theater, …

D'Decisioun vun der Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

Wat a wéi gëtt bewäert?

Beim Virliesconcours geet et net nëmmen drëm, ouni Feeler virzeliesen. Bei der Bewäertung spillen dës Kritären eng Roll:

1. Technik vum Liesen

Liest d'Kand flësseg, schwätzt hatt däitlech aus, betount hatt sënngeméiss? Hält hatt Liespause richteg an (Komma, Punkt, ...)? Liest hatt am richtegen Tempo, an der richteger Lautstäerkt? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

2. Textverständnis an Textgestaltung

Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Setzt hatt d'Stëmm gutt an, fir den Text ze gestalten, ouni iwwerdriwwe Schauspielerei? Geléngt et him, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Entsteet e Kontakt zum Publikum?

3. Choix vum Extrait

Gëtt den Extrait dem Thema gerecht? Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand?

Wat gëtt et ze gewannen?

Op de Niveauen 3 a 4 gëtt et Bicherpräisser ze gewannen. De Gewënner vun der Finale kritt e Buch an e Bicherscheck.

Fir weider Informatiounen:
anne-marie.antony@men.lu
anne.biesdorf@men.lu
Tel.: 247-85184 | 247-75192

Formulaire w.e.g. online ausfëlle bis den 31. Märzz 2020

ONLINE-Formulaire: https://cgie.formstack.com/forms/virliesconcours2020

Kand	
Numm a Virnumm	
Cycle	
Hausnummer, Strooss	
Plz an Uertschaft	

Schoul	
Numm	
Hausnummer a Strooss	
Plz an Uertschaft	
Tel	
Gemeng	
Regionaldirekter	
Unzuel vu Kanner, déi am Schoulgebai matgemaach hunn	

Léierpersoun	
Numm	
Email	

Schoulbibliothecaire	
Numm	
Email	

Buch	
Titel	
Auteur	
Verlag	
ISBN	

SCRIPT